# ENG PROPOSE

Léif Cheftainen a Chef, den Aarbechtsgrupp Verspriechen huet am Laf vum leschte Joer op Basis vun den Diskussioune vum Kongress 2018 un engem neie Verspriechenstext geschafft.

Dir hat elo schonn ob verschiddene Plazen d'Méiglechkeet mat eis zesummen ze diskutéieren. Dëse proposéierten Text ass d'Resultat vun dësen Diskussiounen. Aktuell Kommentaren zu dëser Propose ginn et am Dokument *D'Verspriechen bei den LGS – weiderféierend Erklärungen* vum 20.06.2019.

**Ech verspriechen,**

**Verantwortung vis-à-vis vu mir,**

**menge Matmënschen a menger Ëmwelt ze iwwerhuelen,**

**meng perséinlech Spiritualitéit weider ze entwéckelen**

**an nom Guiden- a Scoutsgesetz ze liewen.**

Den Text fannt dir op **lgs.lu/verspriechen**. Mir wären dofir frou wann dir am Kader vun äre Verspriechensfeiere bereet wäert dësen Text zesumme mat de Kanner a Jugendlechen auszeprobéieren.

Äre Feedback ass eis wichteg fir dass dat proposéiert Verspreche virun enger Statutenännerung nach no äre Virstellunge kann ugepasst ginn.

Dëse Feedback ënnerstëtzt eis och dora fir am Kader vun de Branchemethoden dëse méiglechen Text un déi jeeweileg Alterskategorien unzepassen.

Mir freeën eis iwwert är Réckmeldunge bis spéitstens den 22. September um Chefdag.

# GESETZ

***„Ech verspriechen, ... nom Guiden- a Scoutsgesetz ze liewen. „***

**Eng Guide / e Scout**

1. ass zouverlässeg
2. ass éierlech a fair
3. ass bereet ze hëllefen
4. ass gutt zu all Mënsch
5. mécht den éischte Schrëtt a setzt sech a fir Gerechtegkeet
6. respektéiert d'Liewen an all sénge Formen
7. kann nolauschteren a Kritik erdroen
8. huet eng positiv Liewesastellung
9. ka sech organiséieren a mécht näischt hallef
10. hält sech kierperlech a geeschteg gesond

** LGS Statuten vum 15. Mee 1994*



Lëtzebuerger
**Guiden a Scouten**

# D'VERSPRIECHEN BEI DEN LGS

## ENG PROPOSE

lgs.lu/verspriechen

# DUTY TO SELF

***„Ech verspriechen, Verantwortung vis-à-vis vu mir … ze iwwerhuelen … „***

Jidderee soll léieren, säi Liewe selwer mat ze bestëmmen. Dëst geschitt a verschiddene Beräicher wéi ënnert anerem der Gesondheet, der Entwécklung vun enger sozialer a politescher Onofhängegkeet an der Entwécklung vum Gewëssen. An de verschiddene Branchë gëtt dat altersgerecht gemaach.

Et léiert een eng gewëssen Distanz zu sengen eegenen Decisiounen ze hunn, dës ëmmer erëm a Fro ze stellen an sech esou weider ze entwéckelen.

Esou gëtt een zu engem autonome Mënsch, dee selwer verantwortungsvoll Entscheedunge fir säi Liewen treffe kann an zu dëse steet. Dat ass e Prozess, deen ni ofgeschloss ass an een ëmmer erëm virun d'Erausfuerderung stellt fir u sech selwer ze schaffen.

# DUTY TO OTHERS

***„Ech verspriechen, Verantwortung vis-à-vis vu … menge Matmënschen a menger Ëmwelt ze iwwerhuelen … „***

Hëllefsbereetschaft gëtt am Guiden- a Scoutsmouvement grouss geschriwwen. Wann et engem méiglech ass, soll een engem Mënsch, deen Hëllef brauch, dës ginn. Dëst bezitt sech net nëmmen op eenzel Persounen, mee och op ganz Gruppen, Gemeinschaften a schlussendlech och op d'Weltgemeinschaft.

De jonke Mënsch soll léieren, sech aktiv an der Gesellschaft ze bedeelegen an dës demokratesch, gerecht an tolerant mat ze gestalten.

Besonnesch Opmierksamkeet an der Gestaltung vun eisem Liewe verdéngt eis Ëmwelt. Respekt virun hir an hire Schutz gëtt schonn deene Klengste vermëttelt esou, dass si sech spéider fir e nohaltege Liewenswee entscheede kënnen.

# DUTY TO GOD

***„Ech verspriechen, … meng perséinlech Spiritualitéit weider z'entwéckelen … „***

Et läit am Mënsch senger Natur, sengem Liewen eng Orientéierung a Bedeitung ze ginn. Dofir strieft jidderee vun eis Idealer un.

Bei den LGS sinn dës Idealer ënnert anerem Fräiheet, Wourecht, Léift a Gerechtegkeet, esou wéi Respekt virum Liewen an de Schutz vun der Ëmwelt.

Fir dës Idealer vertrieden a liewen ze kënnen, muss jidderee fir sech perséinlech seng Haltung zum Liewe fannen. Dëst ass e Prozess, deen unhält, an et stellt ee seng Astellung ëmmer mol erëm a Fro, fir dës eventuell weider z'entwéckelen oder och ze änneren.

Fir dëse Prozess ze erméiglechen, brauch een ënnert anerem Momenter vu Rou, Diskussioun a Reflexioun, souwéi d'Erliewe vun dëse Wäerter nom Prinzip „learning by doing". Dofir brauch een d'Begleedung vun an den Austausch mat anere Mënschen.

